

De
Jugendkommunalplang
vun der
Gemeng Jonglënster



Index	Säit
Ziel vum Jugendkommunalplang	2
Historique	2
Jonk Leit a Gemengepolitik-firwat?	2
D'Jugend an der Gemeng Jonglënster	4
Conclusioun vun der Etude	4
Jugendforum	6
Schlussconclusioun	6

Gemeng JONGLENSTER

JUGENDKOMMUNALPLANG

Ziel vum JUGENDKOMMUNALPLANG

Di Jugendlech vun haut sinn di Erwuesse vu muer, a wie sech wënscht, dass si als Erwuessener spéider responsabel handelen, muss hinnen d'Chance an d'Méiglechkeet gi sech vu Jonkem un an d'Gestaltung vun hirem Duerf an hirer Gemeng matanzebréngen.

Et ass eis als Gemengeverantwortlech wichteg, déi verschidden Aspekter, déi di Jonk betreffen, kennenzeléieren fir eng Lokalpolitik ze plangen, an där di Jonk hir Plaz hunn a sech wuel fillen. Et war eis wichteg den Dialog mat deene

Jonken ze sichen, ze lauschteren wou de Schung dréckt, an ze héieren wat si vun eis erwaarden. Nëmmen andeems ee Jonker mat abënnt, an hiert Uleies eescht hëllt, kann een di perséinlech Entwécklung vum jonke Mënsch a seng Autonomie ënnerstëtzen a fuerderen.

E Jugendkommunalplang ass ee formidable Moyen fir dës Zieler ze ereechen. Di direkt Interaktioun mat de Lokalpolitiker an d'Méiglechkeete vun deene Jonken op d'Entwécklung vun der Gemeng en Afloss ze huelen, stinn am Zentrum vun dësem Plang.

Ech soe vun hei aus op alle Fall deene Jonken en häerzleche Merci di hiren Deel zum Erfolleg baigedroen hunn, sief et duerch d'Zäit di si sech geholl hun fir bei der Ëmfro matzemaachen, sief et duerch hir Präsenz beim Jugendforum, sief et duerch hir flott Ideeën an hirt fläissect Matschaffen um kulturelle Weekend, sief et duerch hir aktiv Collaboratioun um Jugendkommunalplang.

Mir dierfen di Chance fir op deene Jonken hir villsäiteg Kompetenzen zréckzegräifen, op kee Fall verpassen.

HISTORIQUE VUM JUGENDKOMMUNALPLANG

Déi éischt Versammlung vum Aarbechtsgrupp vum Jugendkommunalplang war den 30.05.2006; an dëser Versammlung



ass am Fong erkläert ginn wat den Zweck vum Projet ass a wéi dat Ganzt funktionnéiert.

D'Expert'e sinn am Juli 2006 kontaktéiert a gehéiert ginn. Ënner Expert versteet een hei Leit déi regelméisseg mat Jugendlechen ze dinn hunn (Trainer, Moniteuren etc). Et goufe Leit vum Fussball, vun der Musek an zwee Leit, déi e Rapport iwwer d'Jugend vu Jonglënster opgestallt hunn, gehéiert. Well si vill mat Jugendlechen zesummeschaffen, wësse si oft, wat an de Käpp vun de Jonke firgeet.

Am September 2006 ass mat de Responsabele vun der Uni Lëtzebuerg e Froebou ausgeschafft ginn. D'Etude vun der Uni soll dozou bäidroen, Informatiounen iwwer déi Jugendlech zu Jonglënster ze sammeln an hir Liewens- a Fräizaitsituatioun ze analyséieren an ze beschreiwen.

D'Ëmfro vun der Uni Lëtzebuerg, woubäi 100 Jugendlecher tëschent 12 an 20 Joër per Telefon kontaktéiert goufen, war am Wanter.

Duerno ass intensiv um Projet vum kulturelle Weekend fir Jugendlecher „Jonklënster“ geschafft ginn, deem am Juli 2007 am Centre Polyvalent Gaston Stein war. Hei goufen verschidde kulturell Ateliers'en ugebueden (Percussioun, Skulpturen, Comiczeechnen, Molen,

Yoga), an owes war e Concert mat der Band Ophidian an dem Grupp Moretallica.

Ab November 2007 ass de Jugendforum zesumme mat der Associatioun 4Motion geplangt ginn. Mat dësem Forum sollen déi Jonk méi staark un den Entscheidungen vun hierer Gemeng deelhuele kënnen.

Am Januar 2008 war eng Versammlung zesumme mat de Responsabelen vun de Veräiner aus der Gemeng, déi dobäi opgefuerdert goufen déi Jonk fir de Forum ze motivéieren.

De Jugendforum war den 1. Mäerz 2008 zu Jonglënster am Centre Polyvalent Gaston Stein, 736 Jugendlecher tëschent 12 an 20 Joër goufe perséinlech ugeschriwwen fir dorun deel ze huelen.

Ab dësem Datum gouf dru geschafft, den Aktiounsplang opzestellen, deem d'Zieler vun der Jugendpolitik zu Jonglënster beschreift an d'Projet'en opzielt, déi am Cader vun dësem Prozess décidéiert goufen.

JONK LEIT A GEMENGEPOLITIK, FIRWAT?

Dir wëllt wësse, wat an eiser Gemeng fir di Jonk gemaach gëtt? Dat ass och ee vun den Zieler vun eisem Plang, well,

wéi Der bestëmmt wëst, kann ee mat de richtegen a wichtegen Informatiounen iwwert dat wat esou leeft, méi flott an ouni Langweil duerch d'Liewe kommen. Dofir wëlle mir, dass all Jonken - ouni Ausnahm - iwwert Veräiner an Aktiounen an onser Gemeng informéiert ass. An deene nächste Joren wäerten – zesumme mat lech – verschidde Projet'en gestart ginn, déi lech et méi einfach maachen sech an der Gemeng rëmzefannen, fir matzemaachen a sech wuelzefillen.

Mir wëssen och, dass Dir als jonk Leit de Besoin hutt, lech zréckzezéien an Är alldeeglech Problemer déi heiansdo an der Famill oder an der Schoul optrieden, vergiesse wëllt. Dir sidd an enger Phase, wou Dir lech vun Ärer Famill wëllt ofnuehlen, an lech e Frëndeskrees ausserhalb vun Ärem Elterehaus wëllt opbauen. Dofir ass et ons wichtig, lech Plazen ze ginn, wou Dir ënnert lech sidd an einfach chille kënnt. Mir wäerten a nächster Zäit mat lech zesumme kucken, wat fir zousätzlech Méiglechkeeten et ginn, fir Är Fräizäit an der Gemeng an an Ärem Frëndeskrees ze verbréngen.

Wéi der wësst hu mer schonns eng ganz Rei vun Offeren: Jugendhaus, Jugendclub, Sportveräiner, Musikveräiner asw. Notzt déi well et einfach Spass mécht sech ze engagieren.

Mir wëllen lech awer net an eiser Gemeng festneelen, well Dir hutt sëcherlech

och Loscht fir erauszekommen, nei Leit kennenzelieren an onofhängeg ze ginn. D'Virussetzung dofir ass natierlech e gutt Verkéiersnetz. Do ass jo schon a läschter Zäit vill gemaach ginn, awer mir wäerten ëmmer e Bléck drop halen, wat do vläicht nach verbessert an ausgebaut ka ginn.

Op deene nächste Säite kënnt dir am Detail gesinn, wat am Laf vum Jugendkommunalplang geschitt ass a wat déi nächst Schrëtt a Projet'en sinn.

D'JUGEND AN DER GEMENG JONGLËNSTER: ENG ETUDE IWWERT HIR LIEWENSSITUATIOUN A FRÄIZÄITINTERESSEN

Den Aarbechtsgrupp vum Jugendkommunalplang huet am Kader vun dësem Projet d'Uni Lëtzebuerg beoptraagt, eng Étude iwwert d'Jugend an der Gemeng duerchzeféieren. Op Basis vun enger repräsentativer Telefonsbefragung soll d'Etude een Abléck an d'Liewenssituatiounen, d'Fräizäitaktivitéiten an d'Wäerter vun de Jugendlichen aus der Gemeng Jonlënster ginn. D'Etude gouf am Mee 2007 ofgeschloss.

Befrot goufen 101 Jugendlecher am Alter tëscht 12 an 20 Joer. Ziel vun der quantitativer Ëmfro loug also an enger



genereller Beschreibung vun der Jugend an der Gemeng Jonglënster:

Liewenssituatioun

Ongeféier 2/3 vun de befrote Jugendliche wunne säit hirer Gebuert an der Gemeng. Bei de Jugendliche vu net-lëtzebuergescher Nationalitéit ass de prozentualen Undeel 40%. Weiderhin geet d'Etude op d'Familljesituatioun an hir Ressourcen (z.B. Wuelstand) an, behandelt d'Bildungs- an d'Aarbechtssituatioun, freet no der Wunnform an dem Zivilstand a beschreift d'Sproch déi déi Jonk ënner sech schwätzen.

Fräizäitverhalen

Di wichtegst Fräizäitaktivitéite sinn eendeiteg „mat Frënn zesumme sinn“ a „Musek lauschteren“. Differenzéiert gouf no Geschlecht, Alter, Nationalitéit a Schoultyp. Weiderhin goufen öffentlech organiséiert Fräizäitformen, also Veräiner a Jugendhaus, an de Focus vun der Ëmfro gestallt. Heibäi woren d'Sportveräiner mat 61 Nennungen di wichtegst Veräinsform. Di dräi meeschtgenannten Aussoen zur Fräizäitbedeutung vun de befrote Jugendliche si Spaass hunn, Entspannung / ofschalte kënnen souwéi Unerkennung durch Famill an Elteren. Dee gréissten Deel vun hirer Fräizäit verbréngen di Jonk aus der Gemeng Jonglënster an der Stad Lëtzebuerg.

Bewäertung vun der Gemeng Jonglënster aus der Siicht vun de Jonken

Vun de befrote Jugendliche wunnen insgesamt 95% gären an der Gemeng. Grënn dofir sinn d'Frënn di an der selwechter Gemeng wunnen an d'Rou. D'Bewäertunge goufen differenzéiert no Liewensbedingungen, Infrastrukturen, Uertschaft, Alter, Geschlecht, Nationalitéit a no Familljewuelstand.

Wäerter

Di wichtegst Liewenzieler si Gesondheet, Beruff a Frënn. Di am meeschte genannte Wäerter sinn „d'Liewe genéissen“, „onofhängeg sinn“, „Rücksicht op anerer huelen“, „eppes leeschten“, „een opreegend a spannend Liewen ze féieren“ an „anere Mënschen ze hëllefen“. 69% sinn iwwehhaapt net oder wéineg interesséiert um politesche Geschéien. 26% gesinn hir Zukunft ganz zouversiichtlech a 54% kucken éischter zouversiichtlech an d'Zukunft.

WAT SCHLÉISSE MIR DORAUS?

An der Etude gouf erausfonnt, dass di Jonk gären zu Jonglënster wunnen. Donieft gouf allerdéngs festgestallt, dass och d'Stad Lëtzebuerg eng wichteg Plaz ass, op där si sech gären an hirer Fräizäit ophalen. Ouni d'Virdeeler vun der

Haaptstad ze vernoléisseg, sou kënne sech och zu Jonglënster nei Potentialer erginn, wann d’Gemeng hir Offerten an der Jugendarbecht régelméisseg mat de Jonke beschwätzt an se un hir Besoins’en upasst. Di Jugendlech – virun allem déi di nach net esou mobil sinn – hunn dann d’Méiglechkeet hir Fräizäit sënnvoll an der Gemeng ze verbréngen. Donieft kënne verschidde Proposen, déi an der Etude vun de Jonke genannt gi sinn an de nächste Joren an der Gemeindepolitik beschwat a fir nei Jugendprojets’e genotzt ginn.

Eischt Aktiounen goufe schonn am Jugendforum ausgeschafft a wäerten a nächster Zäit ëmgesat ginn.

JUGENDFORUM 1. MÄERZ 2008

De Forum erméiglecht et deene Jonken fir hir Wënsch, Interessen a Besoins’en matzedeelen, fir esou aktiv un der Gestaltung vun eisem Gemengeliewen matzewierken.

Allegueren di Jonk tëscht 12 an 20 Joer wore perséinlech fir de Forum invitéiert ginn, mä leider hate sech just e puer Interesséierter afonnt.

D’Matarbechter vu 4Motion hunn a Workshopen mat hinnen verschidden Theme behandelt; dobäi hunn di Jonk an enger éischer Ronn déi Plazen an der Gemeng uginn, di si aus diverse Grënn éitieren oder déi, wou si sech

besonnesch gär ophalen; si hunn iwwert Problemer am Zesummeliewen diskutéiert a no Léisunge gesicht; si hu sech gewünscht besser informéiert ze ginn, an eng Lëscht opgestallt, wat si alles an der Gemeng vermessen.

An enger éischer Diskussiounsronn mat der Buergermeeschtesch konnte schonn e puer Froe gekläert ginn, wou allerdéngs verschidder drop zréckzeféiere waren, dass di Jonk sech net iwwert di bestoend gemengeneegen Informatiounsmëttel informéieren.

Kuerzfristeg kënne folgend Ideeën ëmgesat ginn:

- Jugendzäitschrëft
- Jugendbaal fir di 12- bis 18- jähreg, ouni Alkoholverkaf
- speziell Aktivitéite fir di Jonk (Concerts’en, Footballsmatcher, Parc-visiten am Ausland...)

Laangfristeg ginn duerch de Jugendkommunalplang folgend Ideeën ëmgesat:

- Skatepark gëtt no beim neie Futtballsterrain ugeluecht. Déi Jonk wëlle mam Bau vun engem neie Skatepark d’Méiglechkeet kréien, Sportarten wéi Skaten, BMX oder Roller fueren, nees méi bekannt ze machen. Ausserdem gëtt mat dëser Investitioun och e weideren Treffpunkt fir déi Jonk geschaaft. Ideal wier et, wann de Park



deelweis iwwerdaacht wär, dest wäert awer aus finanzielle Grënn de Moment net méiglech sinn. Wann de Lycée bis fäerdeg ass, wäerten dann och Jonker aus anere Gemenge vun dëser Sportgeleeënheet kënnen profitéieren. D'Gemeng versicht, dëse Projet 2009 ëmzesetzen.

- **Emgestaltung vun der Busgare:**
Den zweete Projet ass iwwert d'Emgestaltung vun der Bus-Gare zu Jonglënster gaang. Et handelt sech hei net alleng ëm d'Gare mä och ëm den Duerfkär. Déi Jonk sinn der Meenung dass déi Plaz onbedéngt misst erneiert ginn. Si fannen et wichteg dass den Duerfkär attraktiv fir d'Awunner awer och fir d'Touriste gemaach gëtt. D'Buergermeeschtesch huet déi Jonk drop higewisen dass dëse Projet iwwert d'Erneierung vum Duerfkär schonn um Lafen ass. Parken, Restaurant'en, Café'en, Butteker an nei Wunnenge wäerten an deenen nächste Joren op déi Plaz gebaut ginn.
- **Attraktivitéit vum Jugendhaus soll verbessert ginn:**
Am grouse Ganzen hätten déi Jonk gär den neie Wand an d'Jugendhaus bléist, fir dass nach méi Jonker vun dëser Struktur profitéieren. E neie Logo a méi attraktiv Aktivitéite sollen dozou bäidroen dass méi Jonker de Wee an d'Jugendhaus fannen. An dësem Kontext ass d'Idee vun enger

Jugendzäitschrëft ervirgaangen, déi selwer vun deene Jonken geschriwwen soll ginn. Deemno kéinten dann och Informatiounen iwwert d'Jugendhaus an dëser Zeitung erschéngen.

D'Gemeng wäert bei der Emsetzung vun dësen Ideeën di Jonk, di sech um Forum bedeelegt hunn, mat abannen, Si freet sech awer och iwwert all weideren Engagement vun de Jugendlechen aus der Gemeng.

SCHLUSSCONCLUSION

Et gi sécherlech nach vill aner Prioritéiten an Ideeën, déi mir hei nach net opgezielt hunn, an déi sech am Laf vun de nächste Joren réischt wäerten erginn. Mir wëllen deemno net, dass dëse Plang eng eemoleg Saach ass. Mir hu mat dësem Dokument d'Chance regelméisseg Är Ideeën an Initiativen opzepräifen an an eise Plang ze integréieren.

Dofir: d'Konzept an d'Kontinuitéit vun eiser Kommunalpolitik ass vun Ärer Meenung an Ärem Engagement ofhängeg, soss wësse mer jo net, op dat wat mer an eiser Gemeng fir di Jonk maachen, richtig ass.

Investéiert an Är Zukunft a gitt de Gemengeresponsablen Är Idee weider! Mir wäerten lech nolauschteren an dat bescht aus Äre Propose maachen!

Merci

Merci all deenen di un dësem Jugendkommunalplang mattgeschafft hun:

Claudine Reichert a Ralph Schroeder
Familljeministère

Jerry Fellens
Croix-Rouge/Jugendhaus

Nancy Goergen
Gemeng Jonglënster

4motion

Uni Letzebuerg

SNJ

Equipe vum Jugendkommunalplang:

David Arlé

Jérôme Biver

Nicky Colling

Martine Grewer

Françoise Hetto

Jan Jensen

Michèle Kapp

Raphaël Lemaire

Christophe Origer

Liz Reitz

Tom Roeff

Anyse Wagener

Fruns Weiwars

E grouse Merci un den Pol Leurs fir
d'Realisatioun vum Logo

